17 octobre 2008
Journée mondiale du refus de la misère

LES TEMOIGNAGES

Le pourcentage de ménages dont le revenu disponible équivalent est inférieur au seuil de pauvreté est de 14% au grand-duché de Luxembourg en 2006. Ou en d'autres termes, au moins une personne sur dix résidant au Luxembourg est menacée de pauvreté. La pauvreté et l'exclusion sociale constituent fréquemment des obstacles au plein exercice de leurs droits civiques et politiques. Mais au-delà des chiffres et des définitions sur la pauvreté, la Journée mondiale du refus de la misère permet au grand public d'entendre la parole des plus démunis et de s'engager avec eux pour combattre la misère, que ce soit ici au Luxembourg ou ailleurs.

Au Luxembourg et dans le monde, le 17 octobre 2008, des personnes de tous horizons se rassemblent en l'honneur des victimes de la misère. L'enjeu de cette journée est que les exclus ou les pauvres eux-mêmes puissent pour une fois prendre la parole, dire leurs rêves d'un monde plus juste et plus respectueux de la dignité de chacun; l'enjeu, c'est leur présence et leur partenariat à travers cette journée. L'enjeu c'est de se mobiliser avec et autour de ces personnes vivant la pauvreté et l'exclusion sociale.

On ne veut plus être pauvres

« La pauvreté, ce n'est pas seulement dans les poches, c'est dans la tête. »

« La misère, c'est quand tu ne sais pas comment fonctionne le monde, un peu comme si tu étais hors du monde. »

« La pauvreté, c'est avoir les mêmes rêves que tout le monde pour l'avenir, mais aucun moyen de les réaliser sur terre. »

« La pauvreté, c'est devoir mieux me comporter avec mes gosses que quiconque, parce que quelqu'un m'observe. »

« La pauvreté, c'est marcher partout, tout le temps, par tous les temps. »

« La pauvreté, c'est être traité comme rien, moins que rien, et l'accepter. »

« Héberger quelqu'un, c'est interdit. Mais les familles disent souvent: on ne peut pas laisser un chien dehors, on ne laisse personne dehors! »

« La pauvreté, c'est garder ses secrets, devoir dire des mensonges et faire semblant. »

« La pauvreté, c'est avoir besoin d'aide, mais avoir trop peur d'être jugée comme une mère incapable pour la demander. »

« La pauvreté, c'est raconter toute ma vie, encore et encore, simplement pour obtenir ce à quoi j'ai droit. »

« La pauvreté, c'est que chacun pense avoir le droit de dire son opinion à mon sujet, simplement parce que je demande un peu d'aide. »

« La pauvreté, c'est ne pas avoir une seule personne à qui parler qui ne soit payée pour m'écouter. »

« Dans le fait d'être pauvre, le pire, c'est de regarder la vie passer et de ne jamais être dedans. C'est difficile, car même si on fait des efforts pour être dedans, on n'y arrive pas. On ne veut pas de nous. »

« Le plus dur, quand on est pauvre, ce n'est pas de ne pas avoir de sous, c'est de ne pas avoir de place dans la société. »

recueilli par Atd Quart Monde Luxembourg, octobre 2008

Aarm sin ass vir mech…

… wann ech muss biedelen goen, schwaarz schaffen goen oder wann ech muss klauen vir z'iwerliewen.

… wann een alleng an der Keelt sëtzt an et fällt kengem op.

… alleng sin.

… keen Doheem ze hun.

… keng Frënn an keng Famill ze hun.

… wann ech keng Suen hun vir an den Kino, an den Restaurant, an den Bistrot oder op en Fussballsmätch ze goen.

… keng Ausbildung ze hun.

… keng Aarbecht ze hun.

recueilli par Stëmm vun der Strooss, octobre 2008

Wann ech eppes géint den Aarmut kéint maachen, dann géif ech…

… engem knaschtegen Mann eppes vir z'iessen gin.

… den aarmen Kanner aus der drëtter Welt hëllefen.

… dovir suergen datt jiddereen genuch z'iessen hätt.

… behënnerten Leit eng ugepassten Aarbecht gin.

… hëllefen datt jiddereen en Daach iwert dem Kapp hätt.

recueilli par Stëmm vun der Strooss, octobre 2008

Témoignage vum Mike S.

Ech wëll haut net fir mech aleng schwätzen, mee wat ech ze soen hunn, betrëfft vill Jugendlecher.

Eng gutt Schoulausbildung hunn, eng Aarbecht kréien, eng Wunneng fannen: dat brauch a wënscht sech all Mënsch.

Mee virun allem brauch een en Halt, eng Ënnerstëtzung am Liewen.

Fir mech ass meng Famill, meng Mamm, ganz wichteg, ech hunn ëmmer gefillt, datt ech net aleng do stoung: et ass wichteg datt de Jugendleche weess, datt hien net op sengem Wee duerch d'Liewen aleng ass, och wann hien emol an déi falsch Richtung geet, et muss een ëmmer erëm dee richtege Wee sichen, nei Saache probéieren, dat gëtt engem Vertrauen, dat mécht ee staark.

All Mënsch huet säi Schicksal, d'Liewe geet weider, och wann et engem mol net esou gutt geet. Dofir ass et gutt ze wëssen, datt een net aleng do steet.

recueilli par Atd Quart Monde Luxembourg, octobre 2008

Témoignage fir den 17.10.

« Do wou d'Leit am Misère liewen, ginn d'Mënscherechter net respektéiert. Sech zesummenzesetze fir se ze schützen ass eng helleg Pflicht. »

Dat waren d'Wieder vum Père Joseph Wresinski, Grënner vum Atd Quart Monde.

Ginn d'Mënscherechter dann hei zu Lëtzebuerg ëmmer respektéiert?
Mir mengen, och hei zu Lëtzebuerg, ginn d'**Mënschrechter** deelweis mat Féiss getrëppelt.
Al Mënsch soll d'selwecht behandelt ginn. Trotzdem fille sech vill Leit hei net gerecht behandelt an esouguer erofgemeet an erniddrecht wa se den Rmg kréien oder an enger Ati schaffen.
Heiansdo fille mir eis vun uewen erof behandelt.
Mir fannen et wichteg, datt déi selwecht Rechter fir jidderee gëllen. Et ass iwwerall vill Aarmutt, hei zu Lëtzebuerg mussen ëmmer méi Leit op der Strooss liewen, a keen Ënnerdach hunn ass fir mech en Zeeche vun Aarmutt. Dogéint muss eppes gemaach ginn. Jidderéen huet e Recht op eng Wunneng.
Mir hätte gären erklärt firwat dëst oder dat richteg oder besser ass. Wat ass gerecht? Fir mech gëtt et keng Gerechtegkeet op der Welt. Du kriss gesot mach hei mach do, et huet ee Pflichten awer wou ginn eis Rechter respektéiert?

D'Mënscherechtserklärung fuerdert eng besonnesch Hëllef fir all Mammen a Kanner an e mënschewürdegt Liewe fir d'ganz **Famill**.
Fir gutt ze liewen, brauch eng Famill genuch Akommes, eng bezuelbar an uerdentlech Wunneng, eng Aarbecht, sozial Sëcherheet, Unerkennung, Frënn an eng anstänneg Schoul.
D'Kanner brénge Liewen an d' Haus.
Eis Kanner solle bei eis an der Famill grouss ginn, an net direkt aus der Famill gerappt ginn. Wa se musse placéiert ginn, soll alles gemaach gi fir dat se sou schnell wéi méiglech rem heem kënne goen. An dofir ass eng Zesummenaarbecht vum Foyer mat de betraffene Famillje ganz, ganz wichteg. All Foyer soll mat der Famill an net géint d'Famill schaffen.
D'Kanner vergiessen nie, datt si aus hirer Famill gerappt goufen an dat weist sech während hirem ganze Liewen un hire Reaktiounen.
Oft kréie mir d'Kanner aus der Famill geholl, mee geet et de Kanner duerno besser? Et ass wichteg, datt d' Kanner de Respekt virun hiren Eltere behalen.
Do ginn ett och d'Placementer am Ausland. Firwat gi Kanner, aus Lëtzebuerg, wäit ewech vun hirer Famill, am Ausland placéiert?
D'Famill an d'Kand kënne sech net méi oft gesinn an d'Kand kann oft spéider kee Fouss méi a sengem Heemechtsland faassen, an wann et zréck kënnt, kann et mol kee Lëtzebuergesch méi schwätzen.
Wat mécht esou eppes an engem Kand alles futti?

D'Elteren musse respektéiert ginn. Si reagéieren all anescht, jiddfereen huet seng Art a Weis fir ze liewen. All Famill huet seng eege Wuerzelen, all Famill huet seng eege Familljekultur. Mir passen net all an déiselwecht Form.
Wou steet wat richteg ass? Wie seet wat fir eng Erzéiung gutt a wat fir eng schlecht ass?
All Kand muss d'Méiglechkéet hu seng Erfahrungen ze man, an doraus ze léieren.
Wien decidéiert wat fir e Kand dat Bescht ass? Et misst eng Kommissioun gi mat Leit aus alle Milieuen an do misst jidderee gehéiert ginn.
D'Kanner hu jo Rechter, mee wou sinn den Elteren hir Rechter?
Ass dat alles am Sënn vun de Mënscherechter?

An der Mënscherechtserklärung steet och d'Recht op **Kultur**, mee kulturell a Fräizäitaktivitéiten déi sinn immens deier. An de Kino, an den Theater, de Musée oder, virun allem op e Concert, ze goen ass fir eis onbezuelbar. Och vill arem Leit si künstleresch begabt an un der Konscht interesséiert a géife gäer a Coure goe fir Molen, Musek oder soss eppes ze léieren, mee si kënne sech keng Summerakademie oder Coure fir en Instrument ze léieren, leeschten.
Fir eis ass et awer och wichteg heiansdo mol eppes aneres ze gesinn an eng Ofwiesslung ze hu fir mol op aner Gedanken ze kommen. Den Theater ass ganz flott. Dat ass wéi wann een an eng aner Welt antauche géif, an eng Welt wou ee sech wuel fille kann.

All Mënsch huet d'Recht sech auszedrécken a sech weiderzeentwéckelen, an dofir brauch en och di optimal Méiglechkeete fir op nei Iddien ze kommen.
Mir fannen et och flott mol nei Leit, nei Plazen an aner Länner kennenzeléieren. Hei doheem gesäit een ëmmer datselwecht. Wann een nei Erfahrunge mécht, léiert ee bäi an doduerch verännert ee sech.
Zur Rou ze kommen, ass och wichteg fir duerno erëm Energie ze hunn an de Kapp net hänken ze loossen.

recueilli par Atd Quart Monde Luxembourg, octobre 2008